

Nadine Schares
14, Eechewee
L-8072 Bartreng

Bartreng, den 03.03.2025

Betreff: Froen un de Schäfferot vun der Gemeng Bartreng betreffend d'Organisatioun vun der Museksschoul

Am Gemengerot vum 29.11.2024 sinn am Kader vun der Organisatioun vun der Museksschoul puer Zuelen genannt ginn vun den Aschreiwungen. Ech wollt do zu puer Punkten nach bësse méi Détailler nofroen:

1. Sinn déi 74 Kanner vum Eveil an déi 361 vun der Formation musicale alles Bartrenger Kanner oder och Kanner aus aner Gemengen?
2. Gëtt et Bartrenger Kanner, déi an engem vun dëse Cours'en keng Platz kruten?
3. Wéi vill Kanner hunn am Laf vum Schouljoer 2023/2024 mat engem vun dësen Cours'en opgehalen?
4. Wéi vill Kanner hunn am Laf vun dësem Schouljoer 2024/2025 opgehalen?
5. Vun deenen 310 Persounen, déi an Individualcoursen ageschriwwen sinn, géif ech gär deene wëssen, wéi d'Opdeelung op déi verschidden Instrumenter ass? Wéi vill Bartrenger a wéi vill Net-Bartrenger sinn an de jeeweilegen Cours'en ageschriwwen?

Percussion

Guitare classique/électrique

Piano

Drumset

Hautbois

Clarinette

Flûte traversière

Saxophone

Trombone

Gros cuivres (baryton, euphonium, tuba, basse, contrebasse)

Petits cuivres (bugle, cornet, trompette)

Keyboard

Orgue

Violoncelle

Violon

6. Wéi vill Kanner hunn am Laf vum Schouljoer 2023/2024 mat engem vun dëse Cours'en opgehalen?
7. Wéi vill Kanner hunn am Laf vun dësem Schouljoer 2024-2025 opgehalen?
8. Wéi vill Bartrenger Kanner konnten an de jeeweilegen Instrumentecours'en dëst Joer net zu Bartreng an wéi vill net an der Regioun ugeholl ginn a stinn op enger lëscht d'attente?
9. Wat sinn d'Ursaachen?
10. Bei wéi enger Instrumenter ass et op e manque d'enseignant zréckzeféieren ?
11. Bei wéi enger Instrumenter ass et op e manque de salle zréckzeféieren ?

Mengen Informatiounen no huet d'Ugda genuch Enseignanten, mee et konnte vun der Bartrenger Gemeng net genuch Säll zur Verfügung gestallt ginn.

12. Wéi vill Säll stinn zur Verfügung an wéi eng Säll sinn dat?

13. Kënne Cours'en an den neie Säll vum Centre Bureck (Musekssall, Chorale, Scouten) ofgehalen ginn?

14. Ass et d'Gemeng, déi decidéiert, wat nach zousätzlech an engem Sall ka gemaach ginn oder de Veräin?

Ech sinn der Meenung, dass Säll, déi am Dag eidel stinn, sollen optimal genotzt ginn.

Et gouf, no mengen Informatiounen, an der Vergaangenheet Joren, an deenen et keng Waardelëschten gouf resp. an deenen all Kanner nogerutscht sinn, wann anerer opgehalen hunn.

15. Ass et zënter, dass de Solfège an d'Instrument gratis ass, dass dës Chiffren (Op de Waardelëschten oder iwwerhaupt?) geklommen sinn ?

16. Oder huet et mat der permanent wuessender Bevëlkerung ze dinn?

17. Ech wier frou, eemol eng Tabelle oder en Diagramme ze kréien iwwer d'Entwécklung (an de leschte Joren) vun den Aschreiwungen an deenen verschiddenen Beräicher.

18. Wat gedenkt d'Gemeng ze ënnerhuelen, fir eventuell ab dem nächste Joer all de Kanner d'Méiglechkeet ze ginn, un de Cours'en deelzehuelen? Well dat sollt jo am Fong d'Zil sinn vun deem neien Gesetz.

Merci fir d'Äntwerten op dës Froen.